JOSÉE LORSCHÉ
DEPUTÉIERT

D'Josée Lorsché (Joergang 1961) ass eng lëtzebuergesch Politikerin vun déi gréng. Zanter 2011 vertrëtt si déi gréng als Deputéiert an der Chamber, wou si no de Wale vun 2018 och Presidentin vun der grénger Fraktioun ginn ass. D'Josée Lorsché ass bestuet, Mamm vun zwee Meedercher a wunnt zu Näerzeng an der Gemeng Beetebuerg.

Am Joer 2005 ass si an de Beetebuerger Gemengerot gewielt ginn an ass zanter 2011éischt Schäffin.

Et sinn hir fréier Aarbecht als Léierin an hiren Engagement an der Anti-Atom-Beweegung an den 1980er Joren, déi d'Josée Lorsché sensibiliséiert hunn, fir politesch aktiv ze ginn an 1984 der grénger Partei bäizetrieden.

Um politesche Plang ka si och op hir professionell Erfarungen am Enseignement zréckgräifen, e politescht Feld an deem si haut ganz engagéiert ass. Doriwwer eraus, an nieft hirem Mandat als Fraktiounspresidentin, ass d'Josée Lorsché och Vizepresidentin vun der Gesondheets- a Sportkommissioun. Eng weider Prioritéit ass fir si d'Kulturpolitik.

CONTACT

Josée Lorsché
Députée
4, rue du St. Esprit
L-1475 Luxembourg
jlorsche@chd.lu
(+352) 46 37 40-1

Parlamentaresch Kommissiounen

- **Gesondheet a Sport (Vizepresidentin)**
- **Conférence des Présidents**
- **Bureau**
- **Institutiounen**
- **Finanzen a Budget**
- **Educatioun, Kanndheet, Jugend, Héichschoul a Fuerschung**
- **Kultur**
- **Kontroll vum Geheimdéngscht**
- **Reglement**

Parlamentaresch Delegatiounen

- **Union Interparlementaire**
- **Assemblée parlementaire de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe**
- **Assemblée Interparlementaire Benelux**
- **Assemblée parlementaire de la Francophonie**
- **Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe**
- **Interparlamentaresche Scoutsgrupp**

Weider Mandater a Funktiounen

- **Fraktiounspresidentin vun déi gréng**
- **Éischt Schäffin zu Beetebuerg**